N° 6860
Entrée le 19.09.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 19.09.2022

Ministère de l'Agriculture,
de la Viticulture
et du Développement rural, 8
Référence: 560 / 2022
21 SEP. 2022
A traiter par:
Copie à:

**Här Fernand Etgen**
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, den 19. September 2022

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Landwirtschaftsminister weiderzeleeden.

Et ass gesetzlech virgeschriwwen, dat d'Notzdéieren mussen zwou Ouermarken hun. Am Géigesaz zu eenzelen Nopeschlänner gëtt et zu Lëtzebuerg anscheinend just eng Gréisst vun Ouermarken. Bei méi klengen Déieren, wéi beispillsweis bei gewëssen méi kleng Geessen- a Schoofsrassen, kann dat zu Problemer féieren. An deem Kontext wollt ech folgend Froen un den Här Landwirtschaftsminister stellen.

- Kënnt Dir bestätegen, dat et just eng Gréisst vun Ouermark zu Lëtzebuerg gëtt?
    - Wa jo, firwat ginn et net och méi kleng Ouermarken?
- Ass d'Regierung bereet, fir de Baueren an den Ziichter an Zukunft Ouermarken a verschiddene Gréissten zur Verfügung ze stellen?

Här President, ech bieden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

**Martine Hansen**

**Deputéiert**

CSV-Fraktioun | 13, rue du Rost | L-2447 Luxembourg | Tel. 47 10 55 – 1 | csv@chd.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture
et du Développement rural

**Äntwert vum Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n° 6860 vun der éierbarer Deputéiert Martine Hansen**

**1) Kënnt Dir bestätegen, dat et just eng Gréisst vun Ouermark zu Lëtzebuerg gëtt ?**

**a. Wa jo, firwat ginn et net och méi kleng Ouermarken ?**

Et gëtt nëmmen eng Gréisst vun Ouermarke fir Schof a Geessen, déi op generaliséiert Manéier un d'Halteren, déi an der zentraler Datebank opgefouert sinn, verdeelt gëtt. D'generaliséiert Notzung vun enger anerer Gréisst ass net virgesi, vu dat déi aktuell genotzte Gréisst de physiologesche Bedierfnisser vun alle Schof- a Geesserasse gerecht gëtt. Och erfëllt dës Gréisst ideal d'Traçabilitéite-Critèren, déi vun der europäescher an nationaler Gesetzgebung virgeschriwwe sinn.

**2) Ass d'Regierung bereet, fir de Baueren an den Ziichter an Zukunft Ouermarken a verschiddene Gréissten zur Verfügung ze stellen ?**

Hei ass d'Äntwert op d'Fro 1 ze berécksiichtegen. D'Demande fir eng méi kleng Gréisst vun Ouermarken ass prinzipiell op ästhetesch Wënsch zeréckzeféieren. Dëst ass awer weder vun der europäescher nach vun der nationaler Gesetzgebung gefrot. Dofir ass déi generaliséiert Notzung vun enger zweeter Gréisst vun Ouermarke fir Schof a Geessen nieft der aktueller net virgesinn.

Lëtzebuerg, den 13. Oktober 2022

De Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung,

(s.) Claude HAAGEN